Madame Minister, Dir Häre Ministeren, Häer Staatssekretär
Politesch Responsabel a Vertrieder vu Verwaltungen,
Vertrieder vu Gewerkschaften, ONGen,
Léif Oekofoire Aussteller,
Léif Pafendaller,
Léif Frënn a Kollegen,

1.
Et ass Oekofoire Wieder! Déi läscht 10 Joer huet dat geheescht: mäer hunn d'Flemm, well da wuar d'Wierder déi Deeg an deelweis Woche virun der Oekofoire schlecht, an de Weekend vun der Foire huet d'Sonn dann iwwert Bierg an Dall geschéngt. Net grad förderlech fir eng Foire an den Halen. An elo kënne mäer eis fir d'éischt iwwert gutt Wieder freeën! An dat och nach am Fräien. Wat eng Chance! Wat e gudden Ome fir den éischten Oekofestival Pafendall!

Et wuar eis awer schwéier gefall déi Succès Story Oekofoire net weiderzefeieren. Wëll 29 Joer laang wuar sinn de Repère fir ekologesch Produiten a Betriber, huet si ënnerschiddlech Leit zesummebruecht a verschidden Iddien si grad do thematiséiert ginn. Et gouf och Aussteller, déi op der Foire e gudden Deel vun hiren Opträg vum Joer kruten. Mäer si wéini gefrot ginn, ob net d'Foire virun allem de kléngen Aussteller géing feelen an op mäer eis net géinge responsabel spiere par Rapport zu hinnen. Effektiv, ass dat eng Fro, däer mäer eis stelle mussen, grad wéi däer ob de Greenwashing net am Gaangen ass generell zouzehuelen. Wëll bei der Foire ass all eenzele Produit gecheckt gi fir diem Greenwashing entgéintzewierken. E Produit, dat sech just oeko genannt huet awer net wuar, gouf net zougelooss. Mäer wäerten en Aa drop behale wéi et weider geet an och Ministèren a Gemengen un hire Rôle erënneren, wat d'Promotioun vun diene Produiten, Servicer a Geschäfter betrëfft. Dat heescht och, datt endlech modellhaft Laaschtenhefter fir ekologesch a sozial orientéiert Ausschreiwunge vu Staat a Gemengen op den Dësch mussen, fir datt esou de Marché vun deene Produite gefërdert gëtt. Vill ze lang scho ginn déi do Laaschtenhefter just versprach. An et heescht och, datt e Landwirtschaftsministère eng usprochsvoll Kennzeechnung fir Lëtzebuerger Liewesmëttel op den Dësch lee muss, wat mam ablécklecke Projet vum Ministère leider bei wäitem net de Fall ass.

Ma alles huet seng Zäit, an et wuar d'Zäit fir nei Weeër ze goen. An elo sti mäer hei an der Sonn a mäer sinn houfreg wéi eisen éischten Oekofestival an dem esou idyllesche Pafendall ausgesäit.

2.
An da sinn ech um eigentlechen Thema vu menger Ried. Sträitkultur, Kontradiktioun, Zukunft gestalten. Vläicht denkt elo deen een oder anere vun Iech, dat do kënne mäer dach bei Mecos. Jo, et ass e Leitthema vun eis, ma et schéngt eis ubruecht, dee grad elo och a Walzäiten ze verdéiwen.

An eiser leschter Pressekonferenz hu mäer **9 Topics fir zukunftsfäeg Gemenge** virgestallt. Mäer gesi Gemengen als zentral Acteure fir d'Ëmgestaltung vun eiser Gesellschaft a Richtung vun neie Wirtschafts- a Gesellschaftsmodeller: Förderung vu neie Wirtschaftsforme wéi Kooperativen, regionale Mäert; Opbau vu neie Forme vum Mateneen, wei Noperschaftshëllef, kooperativ Wunnformen; e reelle Paradigmewiessel an der Politikgestaltung duerch nei participativ Prozesser mat Awunner vun de verschiddene Gesellschaftsschichten; Stäerke vun Initiative vun ënnen; Hannerfroe vun der autozentréierter Gestaltung vun den Uertschaften hin zu ëffentleche Raim vum Mateneen an Austausch... Eng reell nei Visioun vun eise Gemengen.

Ee Journalist huet eis gefrot: sidd dir net frustréiert, well dir de Rôle vun de Gemenge grad als Gestalter fir méi fundamental gesellschaftlech Verännerunge gesitt an d'Programmer vun de

Parteien wat déi Defise betrëfft awer net esou innovativ sinn, sech net esou vill deet? Esou pauschal ass déi Ausso net ganz wouer. Et huet sech jo awer eppes gedoen. D'Noutwendegkeet vun der Biergerbedeelegung fënnt een ze soen an all Programm, och eng nei Gestaltung vun eisen Uertschaften a villes méi. Leider net ëmmer an däer néideger Déifteschäerft, ma ëmmerhin. An eng Rei Gemengen hunn och an de leschte Jore ganz positiv Initiativen ergraff, z.B. am Kader vum Klimapakt oder och vun Naturschutzyndikater.

Ma d'Gemengewale weisen awer sécher eppes op: de Fong vun de gesellschaftlechen Défis'en - virun allem och dann, wann et ëm déi Grondchoix'en geet déi mäer missten huelen - gëtt nëmme begrenzt thematiséiert. Z.B. de Logement. All Partei versprecht eppes fir de Logement ze maachen. Léist dat elo Begeeschterung aus? Ech mengen net. Well leider feelt et vill ze oft u wierklech konkreten Aussoen, wéi dat Versprieche soll reell ëmgesat ginn. Mäer kommen eigentlech just verbal virun ...

Ass dat net och, well mäer un engem Punkt ukomm sinn an eiser Gesellschaft, wou technesch Mesure net mei duerginn, wou et net hei oder do mat enger léiwer Iddi gedoen ass**. Ma wëll d'Léisunge vun de Problemer an d'Zukunftsgestaltung mei déifgräifend Changementer vun eis all verlaangen. Déifgräifend Changementer, déi Choix'en verlaangen, wou mäer eis haut nach net eens sinn an eis net genuch trauen „ze streiden", zeguer och ënnert Frënn, oder an enger ONG oder enger Partei. Wou mäer eis zeguer vläicht mussen iwwerwanne fir se unzegoen, wëll wierklech streiden deet och alt wéi, kascht Kraaft a brauch Vertrauen...** Beispillhaft 3 Aspekter déi déi Theesen illustréieren:

- **Eng éischt, wou ech den Thema Logement opgräifen: Wéi eng Konsequenze wëlle mäer Propriétaire vun eidelstoenden Haiser oder vun net genotztem Bauland zoumudden? Mäer** wëssen all: vill vun deene si net onbedéngt „Béiser", Millionären oder den ominéisen op Geld ausgeriichte Promoteur, ma Leit, déi eben deen Ablack net wëllen / kënnen an en Haus investéieren oder en Terrain verkafen. Hei steet déi individuell Perspektiv vum Propriétaire den iwwergeuerdenten Interêt'en vun der Allgemengheet entgéint... Ab wéini soe mäer dann awer elo engem Propriétair: däi Verhalen ass zwar aus denger Perspektiv ze verstoen, ech géing an denger Plaz vläicht d'selwecht reagéieren, ma als Gesellschaft musse mäer nawell eng Kéier dergéint virgoen!?

- Anert Beispill: De Staatsrot hält a senge leschten Avis'en de **Privatbesëtz** besonnesch héich... a wiert sech géint ze vill eng staark Landesplanung, e bëssche salopp resuméiert. De François Bausch huet zu Recht thematiséiert, datt dat eigentlech den Doud vun enger kohärenter Entwécklung vum Land ass, déi mäer dach esou dringend brauchen. A villen Dossieren fale mäer iwwert de Sakro sankte Begrëff vum Privateegentum, d'Avise vum Staatsrot si „just" den Ausdrock vun enger **net ausgedroener gesellschaftlecher Debatt. Wat bréngt eis dat Soueren, datt keen Terrain fonnt gëtt fir de Bau vun erschwéngleche Wunnengen, néidegen ëffentleche Strukturen oder esou wa mäer deen do Punkt net opgräifen**?! Misste mäer net vilméi endlech richteg klären, och wann dat sécherlech eng ganz schwéier Debatt ass, wou d'Rechter vun der Allgemengheet iwwert deene vun dem Privatbesëtz misste stoen?

- **Wei stuark och däerf generell an d'Handele vun de Leit, vu Wirtschaftsbetriber, vun der Wirtschaft allgemeng agegraff ginn, fir datt mäer net all Zieler vun der Nohaltegkeet verfeelen?** Ab wéini gëtt de Mënsch oder Betrib ze vill an hirer Fräiheet beschnidden, oder ab wéini ass eng Gesellschaft gefuerdert ze intervenéieren? Wéini kënnt eng seriö Steier um

Kerosin, fir datt esou Präisser wéi 28.- € vun hei mam Fliger op Porto definitiv der Vergaangenheet ugehéieren? Wou bleift déi versprachen Etüd iwwert eng nohalteg Gestaltung vum Steiersystem ?

Mäer liewen an enger Gesellschaft, déi virun esou fundamentale Froe steet, datt mäer déi Gedold, dat Versteesdemech missten opbréngen éierlech ze erkennen, datt et verständlech Dissense tëscht eis gëtt, ma datt mäer net laanscht Choixe kommen.

A mäer däerfen do net maachen, wéi wann et eleng de Rôle vun der Politik wär, fir déi Debatten ze stemmen a mäer da just nach evtl. iwwert sie hierfalen, wann eis hier Demarche net passt.

3.

Fir déi Debatt ze féieren, huet **all Eenzelen eng Responsabilitéit, all ONG, all Gewerkschaft, brauche mäer Strukturen an Initiative vun der politescher Bildung**...

Ma natierlech brauche mir och eng Politik, déi grad déi Debattekultur do, ech géing zeguer soen reegelrecht provozéiert a net éischter ënnerdréckt, wéi dat elo vill ze vill de Fall ass. Eng Politik déi Dilemma'en an deene mäer sti bewosst opwerft, Dissense net schéi ried oder héchstens parteipolitesch héichspillt, oder Weeër net als vermeintlech alternativlos ma offen déi verschidde Méiglechkeeten duerleet... **dat wäer den Challenge an d'Verantwortung vun der Politik.**

An do kommen ech elo net laanscht de Googledatenzenter als ee Beispill, mir wäerten och déi nächst Woch eng offiziell Positioun derzou erausginn. Et ass e ganz eegenaartegen Dossier an deem Sënn, datt mäer vu ville Leit héieren: et kann ee jo eigentlech net dergéint sinn, wann esou ee Betrib bei eis komme géing, ma esou wierklech wëlle mäer e net ... **Google werft ganz immanent d'Fro op, wéi mäer Diversifizéierung vun eiser Wirtschaft wëlle gestalten.** Well: Sie komme jo gemäss Aussoe vum Minister E. Schneider well eis Energiepräisser zu Zäite vum Klimawandel esou niddreg sinn, well si ganz grouss Terrainfläche kréien (déi aneren net méi zur Verfügung stinn), well sie zwar en héigen Eischtinvest hunn, an dono eis awer mat „wéinegen Aarbechtsplaze belaaschten" (jo, dat as den Ductus vun der Regierung, och nach vun hinnen als „grénge Wuesstem" bezeechent).

Déi éischt Fro ass natierlech, ob dat wierklech déi Diversifizéierung ass, déi eisem Land eppes bréngt, an allen Hisichten, sozial an och laangfristeg als Staatsrecette. An do ass dann awer Folgendes spannend: Eise Premier sot gemäss Press bei sengem Besuch vun dëser Woch an Amerika, Lëtzebuerg wéilt Virreider fir déi digital Zukunft sinn. Ma Lëtzebuerg well awer e relativ eesäitege Virreider sinn an deem Thema, vläicht wat d'Hoféiere vun de Firme betrëfft, ma scheinbar net, wann et ëm hier Besteierung geet. Wëll parallel huet een e puer Deeg virdrun d'Noriicht gelies, datt eng Rei Länner - a keng firmefeindlech, ma Länner wéi Däitschland an et sinn der mëttlerweil 10 - wéilten datt grouss Internetentreprisen net méi um Profit ma op hirem Emsatz besteiert géifen deen se an der EU maachen. Dat fir ze verhënneren, datt iwwert **Transferte vu Profitter vun engem Land an dat anert esou mann wéi méiglech Steiere bezuelt ginn**. An dëser Fro wär Lëtzebuerg dann awer guer kee Virreider méi. Ganz am Géigendeel: Presseberichter no sot de Pierre Gramegna, Lëtzebuerg géing déi Iddi net mat ënnerstëtzen, fir der Gefor aus dem Wee ze goen, datt Firmen déi guer kee Profit maache besteiert ginn... Mäer géingen eis zwar net verspären, datt iwwert eng aner Besteierung nogeduecht géif ginn, ma net deen do Wee an ... eng weltwäit Léisung wär néideg. Wuelverstan, et geet em Google & Co, net em e klénge mëttelstänneche Betrib. Hutt dir héieren, datt Google a Konsorten a Finanznout wären?

Wéi gesot, mir wëllen als Mouvement en Relatioun mat Google eng Rei grondsätzlech Froen opwerfen a mengen, datt sou Choix'en misste kënne kontradiktoresch diskutéiert ginn, „ergebnisoffen" an ouni a priori. Mais wann, an dat soen ech dann awer e bëssche méi provocant, Google a Co. sollen eisen neien Tanktourismus ginn, da misst een dat och soen....

Anert Beispill: mäer wëssen, datt am MDDI eng ganz Rei gutt Initiativen ergraff gi sinn. Den Tram kënnt oder mäer däerfe jo zeguer soen „en ass do", et ginn Efforten an der Landesplanung gemaach, Waasserschutzgebidder ginn ausgewisen, de Wollef ass zeréck a villes méi. Ma d'Themen op déi mäer vu ville Leit ugeschwat ginn, ass méi den Ausbau vun Deeler vun der Autobunn op 3 Spueren an den de facto Ausbau vum Findel. An datt fir munch BiergerInnen den MDDI säi Rôle net genuch iwwerhëllt wat d'Wuesstemsfro betrëfft.

Wéi ass dat ze erklären, datt déi do stritteg Punkten alt méi gesi ginn, wéi alles dat wat awer geschitt ass? Vläicht wëll gemengt gëtt, datt déi net richteg an de Konzept vun der nohalteger Entwécklung passen an déi positiv Aarbecht ze iwwerdecken? Vläicht well eng gewëss Duebelgleisegkeet vu Politik gesi gëtt, déi ze vill virdru scheit eben an de kontradiktoresche Fong ze goen? **A vläicht och well ëmmer méi Leit e Gespier hunn, datt de Weider wéi bis elo kéng Léisung ass.**

Et ass secher esou, datt een an der Responsabilitéit een anere Bléck huet, wéi wann een déi Charge net huet. Ma muss een da maachen, wéi wann den Ausbau op 5 Millioune quasi e natierleche Choix wäer, den eenzegen ekonomesche Wee? Oder kann een net och soen: si mäer bereet d'Konsequenzen ze droen, wa mäer deen do Wee net weiderféieren?

Mäer missten dach maans sinn als Gesellschaft, déi Debatt ze erdroen? Wéi de Letzebuerger Wirtschaftsmodell ka reell nohalteg gestalt ginn, well eleng mat der Economie circulaire ass et net gedoen.

An Däitschland wuaren elo déi läscht Wochen d'Debatte fir d'Nationalwalen, douce ausgedréckt, mau. An engem Joer stinn eis un: Hoffe mäer, datt zumindest bei eis déi inhaltlech Ausenanersetzung grad wéi déi grondsätzlech Themen net ze kuerz kommen. **Oder anescht ausgedréckt, komm mäer machen alles, datt dat net bei eis geschitt!!** Wéi ëmgoe mam Klimawandel resp. en a Grenzen halen, wéi Digitaliséierung sozial gestalten an de ganzen Aarbechtsmart an ekonomesche System ëmgestalten, wei e nohaltegen a faire Pensiounssystem gewäer leeschten, wéi Verdeelungsgerechtegkeet sécherstellen a verhënneren, datt de Clivage tëscht Aarm a Räich zouhëlt, wéi nei Zukunftsiddien ugoe, wéi déi vum Grondakommes, der solidarescher Landwirtschaft ...

All net getraffene Choix, all vermiddene Sträit an Ausenanersetzung mat de Géigenargumenter ass eng verpassten Zukunftschance! Well schlussendlech feiert dat derzou, datt mäer an der Logik vum ale bleiwen, vum weiter wie bisher, deen net mei fonctionnéiert.

Et bleift dëser Regierung och nach 1 Joer, fir déi méi fundamental Froen an d'Wee ze leeden, an awer och zousätzlech net opgegraffe Verspriechen aus dem Koalitiounsofkommes unzegon. Fir eis wesentlech sinn natierlech, datt onbedéngt dat neit Naturschutzgesetz votéiert gëtt; en uerdentlecht Gesetz fir den Déiereschutz kennt; e ganz konsequenten Aktiounsplang Pestiziden op den Dësch kennt, dat esou schimhäftegt Gesetz zum Droit à l'informatioun a wesentleche Punkten nogebessert gëtt an deem de Bierger als wierklechen Acteur an der Gesellschaft ugesi gtt a net als Stéierrfacteur deen heiansdo eng Info kann nofroen; datt de PIB du Bien-être als Ausgläich zum Bruttosozialprodukt endlech virgeluecht gëtt; de Congé associatif agefouert gëtt; e gudden neien Aktiounsplang Klima veröffentlecht gëtt a nach villes méi.

Elo awer invitéieren ech Iech, ob e flotte Festival, am idylleschen an esou eegene Pafendall, deem mäer eis esou no spieren an deen am Ablack mam Lift, mam Arrêt Pafendall eng spannend Entwécklung huet a wou awer en Aa drop gehale muss ginn, datt e säi Gesiicht net esou verännert wi Clausen... An dësem Kontext en décke Merci och un d'Stad Lëtzebuerg an hier Leit fir déi logistesch Hëllef, un den MDDI fir seng finanziell Ënnerstëtzung – déi Klammer op, awer guer net duer geet, knapp 15% vun de Käschte si gedeckt – un all ONGen, Kënschtler an eis Leit vum Meco an Oekozenter.

Mäer wësse nach net, ob eise Festival DE Nofolger vun der Foire wäert sinn, ma mäer mengen, datt dëse Festival d'Méiglechkeet bitt gesellschaftlech Messagen anescht unzegoen, mat Cabaret, politesche Lidder, Musek, Konscht,.... mir nei Leit erreechen.

Mir freeën eis elo emol op déi 2 Deeg, wënschen eis Liewegkeet an Austausch, Diskussiounen... a gemeinsamt Feieren.